



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A menge parlamentaresche Froen n°614 an 1266 hat ech déi zoustänneg Ministeren iwwert d'Andreiwe vun den Avertissements taxés (AT) befrot. An hiren Äntwerten hunn d'Regierungsvertrieder mir eng Réi Zuele vun der Police a vum Parquet zoukomme gelooss, woubäi feststellen ass, dass am Zäitraum vun 2013 bis 2019 ronn 20 Milliounen Euro un ATen net bezuelt gi sinn éiert de Parquet saiséiert ginn ass.

Wann een d'Zuel vun den onbezuelten ATen éier de Parquet saiséiert gouf mat den Zuelen, déi duerch d'Aschalt vum Parquet an d'Staatskeess iwwerwise goufen, vergläicht, da bleiwen um Enn vun der Rechnung ëmmer nach **ronn 13 Milliounen Euro fir d'Period 2013 bis 2018 opstoen** (woubäi dës Zuel wahrscheinlech méi héich läit, well, wéi d'Ministeren ugedeit hunn, d'Montante vun den Ordonnances pénales duerch déi matabegraffe Justizkäschte méi héich sinn ewéi den ursprüngeleche Betrag vun den ATen).

D'Zuelen aus der zweeter Äntwert ginn deemno keen Opschloss doriwwer, wéi vill Suen de Staatskeesen entgaange sinn, well ATen net bezuelt goufen an Ordonnances pénales net vum Parquet agedriwwe goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mech bezéiend op den Tableau aus der Äntwert op d'Fro n°614 vun 2013 bis 2019: wéi vill ATen goufe fräiwëlleg vun den Automobiliste bezuelt nodeems de Parquet saiséiert ginn ass?
2. An der Äntwert op d'Fro n°1266 stinn d'Unzuel vun den Ordonnances pénales, déi net vum Parquet konnten exekutéiert ginn. Mech bezéihend op de selwechten Tableau
 - o wat waren déi jeeweileg Montanten, déi net hu konnten agedriwwe ginn (vun 2013 bis 2019)?
 - o firwat konnt de Parquet dës Montanten net andreiwen?
 - o wéi vill Prozent vun den net agedriwwenen Ordonnances pénales betreffe Residenten?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu